Déi Lënster CSV

wënscht allen Awunner aus der Gemeng e glécklecht a gesond neit Joer 2014

Vu lenks no riets :
Marco PEZ, Romain REITZ, Sven CONTER, Chantal SASKA-TOUSSAINT, Jean BODEN, Marc WEYDERT, Francine COLLING-KAHN, Henri FELTGEN, Patrick GROS, Françoise HETTO-GAASCH, Aly FRISCH, Gilles DIMMER, Tessy SCHLESSER-THEIS, Denis DIMMER

Foto: Charles Caratini

Ech soen alle Wielerinnen a Wieler, déi mir bei de Chamberberwalen hiert Vertraue geschenkt hunn, e ganz grousse Merci an ech versécheren allen Awunner, datt ech mech och an Zukunft als Sektiounspresidentin vun der CSV an als Deputéiert vum Osten voll a ganz wäert fir meng Gemeng a fir d'ganz Regioun asetzen.

Françoise HETTO-GAASCH
Presidentin vun der Lënster CSV
Deputéiert aus dem Bezierk Osten

Léif Awunner vun der Lënster Gemeng,

Schon een Drëttel vun der Amtsperiod vun eisem Gemengerot ass eriwwer, an elo soll ee mol e Bléck no hanne geheien, fir ze kucken, wat bis elo geleescht ginn ass. A ganz éierlech: D'Resultat léisst sech weisen.

D'Majoritéit ass um gudde Wee, fir dat, wat an der Schäfferotserklärung steet, auszeféieren. Finanziell gesi stellt sech do kee Problem, well d'Gemengefinanze sinn an engem gudden Zoustand. Déi lescht Joeren ass eng virsichteg awer couragéiert Finanzpolitik gemaach ginn; eis Gemeng steet gutt do!

D'Majoritéit ass sech bewosst, dass si weiderhi muss virsechteg mat de Gemengefinanzen ëmgoen, well déi ordinär Depense klamme lues awer sécher an deenen nächste Joeren. De Spillraum, dee mer hunn, gëtt méi kleng, bleift awer grouss genuch fir et z'erméiglechen, flott Projeten ze realiséieren.

Eis Gesellschaft, eis Familljen hu sech geännert, a Staat a Gemenge ginn ëmmer méi gefuerdert, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, hiert Familljeliewen esou ze gestalten, wéi si et fir richteg an och dacks fir noutwendeg fannen.

Eisen Natur- an Ëmweltschutz spillt ëmmer méi eng wichteg Roll an eisem Liewen an doduerch och an der Gemengepolitik. Wa mer bereet sinn, den nächste Generatiounen eng Welt ze hannerloossen, wou et sech nach gutt dra liewe léisst, da musse mer och mat a Kaf huelen, dass op deem Plang ëmmer méi Käschten op eis duerkommen.

All Matbierger (nei Awunner, Auslänner, Behënnerter, Kleng a Grouss) muss seng Plaz an eiser Gesellschaft fannen an d'Geleeënheet kréien, sech aktiv an eis lieweg Gesellschaft kënnen anzebréngen.

Eis Gemeng gëtt méi grouss, an duerfir brauche mir och ëmmer méi Personal, fir all déi wichteg Aufgaben, déi eng Gemeng nun eemol huet, z'erfëllen. Mir mussen awer och oppassen, datt d'Käschten och nach an Zukunft kënne gedroe ginn, an dat gëllt besonnesch beim Personal, wou mer gutt a genuch Mataarbechter brauchen, awer mir sollen och nëmmen dat Personal engagéieren, wat mer wierklech brauchen.

D'CSV ass a bleift de Motor am Gemengerot. Si lieft vun der Vergaangenheet, awer och an der Géigewaart an haaptsächlech fir d' Zukunft.

Ee wichtege Punkt zu Lënster sinn d'Parkplazen, well ouni Parkplazen am Zentrum kënne mer déi «Jong-Mëtt-Lënster» vergiessen. Mir brauchen och nach weider Parkplazen an der «Laangwiss». Wéi wier et mat engem Parkhaus, do, wou elo de Parking beim «Centre polyvalent Gaston Stein» ass? Da kënnt deen aktuelle Parking nach zum gréissten Deel erhale bleiwen.

E flotte «Foyer de Jour» fir eis Puppelcher kënnte mer an der Géigend vum Footballsterrain opriichten.

Deen Dag kënnt, wou eis Schoulen ze kleng ginn. Duerfir kënnt d'CSV sech virstellen, eng nei Maison Relais an der Loupëscht ze bauen; doduerch kréije mer Säll an der «neier Schoul» fräi fir d'Grondschoul, esou wéi et jo geplangt war.

An der «Jong-Mëtt-Lënster» wier et flott fir eis Leit, wa mir e Gebai hätten, wou eng Rei vun eisen Dokteren – an och eventuell eng Apdikt – sech géingen néierloossen, an zwar Generalisten a Spezialisten.

De Projet «senioren- a behënnergerecht Wunnen» muss sou ausgeféiert ginn a muss esou fonktionnéieren, datt eng Persoun mat enger normaler Pai oder Pensioun sech dat ka leeschten.

D'CSV schléift net, dat do sinn e puer vun deene Projeten, déi si an deenen nächste Joere wëll realiséieren, am Interessi vun eis alleguerten.

D'CSV aus der Gemeng Jonglënster

CSV

A weider biergop
mat der CSV aus der Gemeng Jonglënster!

Offset Schomer-Turpel, Remich